

Ech mengen, et gëtt Zäit, dass mer op dat Wesentlecht zrëckkommen.

Merci.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Här Minister. Den Här Schank wëllt eng Zousazfro stellen.

» **M. Marco Schank (CSV).**- Just eng Remarque an dann eng Fro. Ech wollt dait-lech maachen, datt mir als Fraktioun net där Meenung sinn, datt et dat ass wat de Gesetzgeber wollt. Den Artikel 17 spillt no ofgeschlossener Prozedur am Kader vum Aménagement communal, fir e Bauprojet ze verhënneren, wa wéi gesot nodréiglech eng Ho gewuess ass.

Ech wollt awer eng Fro stellen, well mer iwwer Kloeerheet an Transparenz schwätzen. Den Artikel 17 schwätzt effektiv vu reell existierende Biotopen. Dofir, wa mer Kloeerheet wëllen, wa mer keng Willkür wëllen, ass meng Fro un de Minister: Ob een net fir bestëmmte Biotop-Typen eng kartographesch Grondlag misst hunn, wéi dat a verschiddene Länner de Fall ass, zum Beispill an Nordrhein-Westfalen, wou et e Biotop-Kadaster gëtt, duerch dee jidderee weess wou en drun ass an deen him erlaabt, am Internet nozeliesen, déi Biotop-Type gëtt et, an da weess jidderee wou en drun ass. Ech mengen, datt dat e Beitrag kënnt sinn, fir d'Willkür ze stoppen a Kloeerheet an Transparenz ze ginn.

Merci.

» **M. le Président.**- Merci, Här Schank. Här Minister, Dir hutt erëm d'Wuert.

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.**- Ech mengen, Här President, vun dëser Plaz kënnen ze soen, datt ech där Iddi do ganz besonnesch positiv entgéintkucken. Well ech mengen, souwuel och am Périmètre viticole, wou mer iwwer Remembrement schwätzen, wéi och an dësem Fall géif e Kadaster en Instrument duerstellen, duerch deen all Säiten, déi concernéiert sinn, vu virera wéisste wou se dru sinn.

» **Une voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Här Minister. Domat ass dëse Punkt vun eisem Ordre du jour ofgeschloss a mir kommen elo zum nächste Punkt. Dat ass d'Diskussioun iwwert de Projet de loi 5508 iwwert d'Gestioun vun den Offäll. Bis elo sinn ageschriwwen: den Här Oberweis, den Här Calmes, den Här Gira an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Negri - an den honorabelen Här Grethen iwwerhëlt d'Présidence.

(M. Henri Grethen prend la Présidence)



### 10. 5508 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 17 juin 1994 relative à la prévention et à la gestion des déchets

#### Rapport de la Commission de l'Environnement

» **M. Roger Negri (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Här President, Dir Här Ministeren, Dir Dammen an Dir Härën, d'Gesetz vum 17. Juni 1994 iwwert d'Vermeidung an d'Gestioun vun den Offäll huet virun ziewelef Joer d'legal Basis fir eng ekologesch Offallwirtschaft zu Lëtzebuerg geluecht. Dëst Gesetz huet dat éischt Offallgesetz vun 1980 ersat, deem seng éischt Prioritéit d'Offalleliminatioun war. An deene leschten ziewelef Joer huet sech hei zu Lëtzebuerg a puncto Offallwirtschaft vill ge-doen.

Trotz verännertem Konsumverhalten a permanenter Progressioun vu souwuel der Populatioun wéi och der Zuel vun de Frontalierë sinn d'Quantitéiten vun Hausmüll an ähnlechen Offäll, déi an d'Eliminatioun ginn, méi oder wéineger konstant bliwwen. Industriell Offäll, déi eliminéiert musse ginn, hu ganz staark ofgehol. Hei gëtt d'Majoritéit vun den Offäll, déi fréier op en Tipp koumen, an der Zwëschenzäit recycléiert.

Lëtzebuerg huet an der leschter Zäit verstärkt Initiative geholl, déi e méi ekologeschen Émgang mat den Offäll mat sech bruecht hunn. Als Beispiller kann een hei dräi Projeten opzielen:

- 1) d'SuperDrecksKësch, mat souwuel der Asammlung vu Problemstoffen bei de Privatleit wéi och der Berodung vun de Betriber,
- 2) den Ausbau vun engem Netz vu Recycling-Zentren an

3) d'verstärkt Verwärtung vun den organeschen Offäll duerch Kompostéierung oder Vergärungen.

Do derniewent goufen och an deene leschte Jore ganz vill Effortë gemaach, fir eis Entsuegungsanlagen op deen neiste Stand vun der Technik ze bréngen, sief et bei den Hausmülldeponien a bei der Verbrennungsanlag, sief et bei de Bauschuttdeponien.

Haut kann ee sécherlech behaupten, dass d'Lëtzebuerger Offallwirtschaft, och wann nach net alles perfekt ass, eng féierend Positioun an Europa huet.

De Projet de loi 5508 hält dowéinst och déi bestehend grouss Linnen an der Lëtzebuerger Offallwirtschaft nom Gesetz vum 1994 bäi. Säin Objektiv ass vill méi d'gesetzlech Basis vun 1994 op bestëmmte Punkten un d'Evolutioun vun deene leschte Joren unze-passen.

Här President, ier ech op déi wesentlech Aspekter vun dëser Upassung an der Offallwirtschaftsgesetzgebung aginn, wëll ech déi formal Eckdate vun dësem Projet de loi kuerz nennen.

De Projet de loi 5508 gouf de 25. Oktober 2005 an der Chamber deponéiert. De Statsrot huet säin Avis de 6. Dezember 2005 ofginn. Den 30. Januar 2006 sinn ech als Rapporteur vun dësem Projet de loi designéiert ginn. D'Ëmweltkommissioun huet an dräi Sitzunge sechs Amendements parlementaires ausgeschafft, déi den 30. März 2006 un de Statsrot gaange sinn. Säin Avis zu dësen Amendementer huet de Statsrot de 4. Juli 2006 ginn. Dësen Avis complémentaire vum Statsrot gouf den 20. September 2006 an der Ëmweltkommissioun analyséiert. Mäi Rapport gouf de 4. Oktober 2006 an der Ëmweltkommissioun ugeholl.

De Projet de loi 5508 begräift am Ganzen 19 Ëmännerungen um Gesetz vum 17. Juni '94, déi an engem Article unique zesumme formuléiert sinn. Well eng Partie Ännerunge just redaktioneller Natur sinn, wëll ech mech hei op aacht Haaptakzenter vun dëser Upassung vun eiser nationaler Offallwirtschaftsgesetzgebung beschränken.

1) D'Referenz op d'„Haebichtgesetz“ gëtt aus dem Gesetz vum 1994 erausgehol, well dëst Gesetz selwer jo annulléiert ass.

2) Net ënnert dëst Gesetz falen elo méi d'Déierefäkalien aus de Bauerebetriber genau wéi dat bei den Déierekadavere schonn de Fall war. Domadder maache mir eis konform zu den EU-Direktiven 91/156/CEE an 2006/12/CEE.

3) Déi nei Definitionen vun den Déchets inertes, wéi se an der europäescher Direktiv an an deem entspreche Règlement grand-ducal steet, gëtt an d'Gesetz ageschriwwen. Des Weidere gëtt fir dës Déchets inertes d'Mise en place vun engem Réseau vu Centres régionaux no den Orientatiounen vum Plan général de gestion des déchets définéiert.

4) D'Berücksichtigung vun deem Gesetz vum 25. März 2005 iwwert de Fonctionnement an d'Finanzéierung vun der SuperDrecksKësch, wat d'gesetzlech Bestëmmungen iwwert d'Gestioun vun de problemateschen Offäll ugeet, ass iwwerhol ginn.

5) Am Gesetz vum 1994 ass virgesinn, dass eng speziell Genehmigung néideg ass, wann een Offall importéiere wëllt, deen hei am Land soll valoriséiert oder kann eliminéiert ginn. Dobäi gëtt keen Ennerscheed gemaach, ob den Importateur aus engem EU-Memberstat oder aus engem Drëttstat kënnt. Well dëst net konform ass mat de Regelen vum EU-Bannemaart, brauch nach just fir den Import aus Drëttstaten eng zousätzlech Autorisatioun ugefrot ze ginn.

Ech wëll och drop hiweisen, dass den urspréngleche Gesetzesprojet virgesinn hat, d'office eng Rei vun Aktivitéiten am Offallberäich vun enger Genehmigung ze dispenséieren. D'Gesetz vum 1994 hat virgesinn, datt an deene Fäll eng Dispens zur Genehmigung kann ugefrot ginn. Beträff ware vun dëser Bestëmmung zum Beispill sämtlech Handwierksbetriber, déi hiren Offall owes vum Chantier an den Atelier mat-huelen, fir e vun do aus ewechhuelen ze loossen. Dës 1994er Bestëmmung huet awer an der Praxis ni richtig fonctionnéiert.

Dowéinst sollten am Kader vun de Beméiunge fir eng Simplification administrative eben dës verallgemengert Dispensen agefouert ginn.

Leider ass et esou, dass während der Instruktionsphas vum Gesetzprojet Italien wéinst enger ähnlecher Dispens vum europäesche Gerichtshaff veruerteelt ginn ass. Fir dëst hei zu Lëtzebuerg ze vermeiden, ass dowéinst keng Dispens méi virgesinn, mä déi Betriber, déi an deem Fall sinn, musse sech bei der Ëmweltverwaltung enregistrierte loossen.

Et ass dëst zwar ëmmer nach en administrativen Akt, mä en ass am Opwand minimal an net ze vergläiche mat der Noutwendegkeet, eng regelrecht Genehmigung unze-froen.

6) Eng Vereinfachung vun der Genehmigungspflicht gëtt agefouert fir eng ganz Rëtsch vu Betriber, jee nodeem a wat fir enger Situatioun si am Offallberäich aktiv sinn. Hei geet et drëm, dass et Entreprisë gëtt, déi souwuel eng Autorisatioun hunn, fir Offall ze transportéieren, wéi och, fir mat Offall ze handelen.

An der Praxis huet sech awer erausgestallt, dass eng Rei Betriber eng Transportgenehmigung hunn, déi vill méi verschidde Kategorien vun Offall aschleisst wéi hir Handels-genehmigung. Doduerch entsteet eng Méiglechkeet fir d'Gesetz ze ëmgoen. Fir dat ze vermeiden, gëtt d'Gesetz esou ëmgeännert, dass eng Entreprise, déi souwuel mat Déchetten handelt a se och transportéiert, zwou Autorisatiounen muss hunn, déi déiselwecht Kategorië vun Offall ofdecken. Des Weidere kënnen déi Betriber, déi den 1. Juli 2006 iwwert d'Genehmigung fir den Traitement vu verschiddene Kategorië vu Müll disposéieren, dës Genehmigungen weider behale bis zu hirem Verfallsdatum, mä awer net iwwert den 30. Juni 2011 eraus.

7) Et gëtt eng nei Approche an der Offallwirtschaft kreéiert mat der Aféierung vum Verursacherprinzip. Dës Approche gouf et 1994 nach net. An der Tëschenzäit gëtt se awer scho bei verschiddenen Offäll ugewannt wéi d'Verpackungen, d'al Autoen, den Elektroschrott an deemnächst och d'Batterien. Wéinst dësem Verursacherprinzip goufen och nei Sanktionsméiglechkeete virgesinn, fir méi konsequent duerchgräifen ze kënnen am Fall wou e Produzenteverantwortlechen net senge legale Verantwortlëchkeeten nokënnt.

Et gëtt en neien Artikel 36bis an d'Gesetz ageschriwwen, wou de Minister en Exploitant, e Producteur, en Détenteur, en Importateur oder en Distributeur opfuere kann, sech a maximal zwee Joer un d'Dispositionen vun den Article 7, 8, 9, 10 an 11 ze halen. Verstéiss géint d'Offallgesetz gi vu Fonctionnaire vum der Douane a vun der Ëmweltverwaltung duerch Procès-verbalé festgehal.

8) Zum Schluss - awer domat ëmsou wichtig - gëtt duerch dëst Gesetz e weideren Aspekt vun der Aarhus-Konventioun an déi national Offallgesetzgebung integréiert. D'Gesetz vum 25. November 1994 huet den Artikel 5 vum Offallgesetz vun 1994 amendéiert fir sécherzestellen, dass d'grouss Öffentlechkeet bei der Ausschaffung vun dem Offallwirtschaftsplang mat bedeelegt gëtt.

An deem Gesetz gëtt den Aspekt vun dem Recours-Recht vun den zougelooenen Ëmweltschutzorganisatiounen gesetzlech verankert. Et ass ganz besonnesch de Prinzip, dass bei dësen Organisatiounen d'office en Intérêt direkt unerkannt ass wa se géint d'Genehmigung vun Offallbehandlungsanlage kloe wëllen. Heimat gëtt virun allem d'Recht op d'Informatioun an d'Transparenz an domat d'Participatioun vun de Bierger, och un der Offallwirtschaft, weider gefördert.

(Coups de cloche de la Présidence)

» **M. le Président.**- Här Rapporteur, ech muss lech drop opmierksam maachen, dass Är Riedezäit als Rapporteur erschöpft ass.

» **M. Roger Negri (LSAP), rapporteur.**- Ech hunn nach eng kleng Saach. Merci awer. Nach just e puer Sekonnen.

Mat dem Ëmsatze vum Projet de loi 5508 gëtt eis Lëtzebuerger Offallwirtschaftsgesetzgebung, déi op ekologesche Prinzipie baséiert, op de leschte Stand gesat an nees fit gemaach fir d'Zukunft. Dëst geschitt op Basis vum Gesetz vum 17. Juni 1994 duerch eng Upassung un d'Evolutioun vun deene leschten ziewelef Joer an un d'Erfahrungen, déi an der Praxis gemaach si ginn.

Ech ginn domat den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Villmools Merci.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Här Rapporteur.

» **M. Ben Fayot (LSAP).**- Här President, ech wollt just eng Fro stellen. Hei op onsem Écran, do weist d'Riedezäit net un. Kënnt Der dat vläicht nokucken?

» **M. le Président.**- Ech kann lech soen, Här Fayot, dass dat am Moment net

Mardi,  
24 octobre 2006

funktionéiert. Mä de Secrétaire général ad-joint war esou gentil d'Zäit ze moossen...

(Hilarité)

...a mer ze soe wéini d'Riedezäit ofgelaf wier.

(Interruptions)

» **Une voix.**- Eng Sandauer?

» **M. le Président.**- Hien huet déi bei sech.

(Interruptions)

Nodeem déi Fro elo gekläert ass, ginn ech dann dem éischten ageschriwwene Riedner, dem Här Marcel Oberweis, d'Wuert. Här Oberweis, et ass un lech.

Discussion générale

» **M. Marcel Oberweis (CSV).**- Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Härën, Här Minister, erlaabt mer am Ufank wéi ëmmer dem Roger Negri Merci ze soen, dem Rapporteur, fir säi flotte mëndlechen an och schrëftleche Rapport, dee mer virgeluecht kritt hunn.

Och wëll ech op dëser Plaz ganz speziell de Geescht eraussträichen, dee mer an der Kommissioun haten, wou mer duerch eng Rei vun Amendementer dëst Gesetz souguer op deem engen oder anere Punkt nach konnte verbessern. Wéi de Rapporteur et scho gesot an ënnerstrach huet: Et ass hei keng nei Phas an engem Gesetz, mä au contraire, mir passen eis Lëtzebuerger Offallpolitik un nei Momenter un. Mir hunn an de leschte Joren Erfahrung gesammelt, a mir hunn och festgestallt, dass een am Beräich vun der Preventioun an der Gestioun vum Offall nei Weeër muss goen, an déi wëlle mer dann an deem heite Gesetzesprojet definéieren an och verankeren.

Esou gëtt zum Beispill am Artikel 10, am Titre 5, prezisiéiert, dass all Entreprise, déi an engem vun de Memberstate vun der Europäescher Unioun niddergelooss ass, keng Autorisatioun vum Minister méi brauch wa se Offall no Lëtzebuerg wëllt bréngen, deen hei zum Beispill validéiert oder recycléiert ka ginn, souguer eliminéiert. Datselwecht gëllt awer och fir den Export. Och do brauch een da keng extra Genehmigung unzefroe soulaang d'Entreprise an engem Memberstat vun der Europäescher Unioun etabléiert ass.

Mat dëser Modifikatioun fällt fir Entreprises eng vun deene villen administrativen Hürden ewech. Et dréit souzeoen zur Simplification administrative bäi an erlichtert duerno och d'Schaffensweis vun de Leit do-baussen um Terrain. Dëse Punkt ass vun der Chambre de Commerce positiv erausgehewe ginn.

Ee weidere wichtigen Aspekt vun dësem Gesetzestext ass d'Tatsaach, dass nach eng Kéier ganz genee festgehele gëtt, wéi eng Missiounen d'SuperDrecksKësch am Beräich vun der Preventioun an der Gestioun vun dem Offall ze erfüllen huet. De Rapporteur ass dorop relativ genau agaan-gen. Ech spueren dat hei.

Des Weideren ass och ze begrëissen, dass e Réseau vu sougenannte regionalen Zentre geschafe gëtt. An de But vun deenen Zentren ass ganz kloer: d'Gestioun vun dem inertem Offall nach besser duerchzuführen.

Wat nei ass, ass de Fait, dass déi regional Zentren net méi eleng schaffen, mä au contraire elo an engem kohärenten Netz zesummegefuert ginn. An dat kann een haut jo mat deenen neien Informationstechnologien nach vill besser gestalte wéi virun enger Zäit.

Dës nei Dispositioun bréngt awer och mat sech, dass all Tipp, sief dat kommunal oder privat, deen net méi an deem Réseau dran ass, net méi zougeloooss gëtt, also och net méi do dierf akzeptéiert ginn. Deemno bedeit dës Ëmännerung vum Artikel 20 e wichtige Schrëtt zu enger gemeinsamer an, menger Meenung no, och méi enger effizienter Offallgestioun hei zu Lëtzebuerg. An domat gëtt sécherlech och eis Ëmwelt geschout.

Här President, op d'Neierungen am Artikel 11, déi fréier Dispositiounen iwwert d'Dispens vun de ministériellen Autorisatiounen regelt an elo en Enregistrement fir verschiddenen Entreprisë virgesäit, wëll ech net weider



agoen. De Rapporteur ass hei relativ däit-lech an ausféierlech drop agaangen.

E leschte Punkt, deen ech awer hei wëll be-llichten, ass dee vun der Aféierung vun de Sanktioune fir déi Betriber respektiv déi Eta-blissemester, déi sech net un d'Spillregele vun dësem Gesetzesprojet halen. De Minis-ter kritt hei d'Méiglechkeet, verschidden ad-ministrativ Sanktiounen auszeschwätzen, wa concernéiert Acteuren um Terrain sech net wëllen un dat hale wat d'Gesetz vir-schreift. Et ass wichteg, dass esou Mesuren agefouert ginn, well wat notzen ons déi bescht Gesetzestexter fir d'Ëmwelt an och fir ons Gesondheet, wann et Leit dobausse gëtt, déi sech doriwwer ewechsetzen? Hei kann elo jiddferree bestrooft ginn, dee mengt hie kéint op Käschte vun onser Ëmwelt maache wat hie wëllt.

DeeJéinegen, dee mengt hie kéint mat on-ser Ëmwelt de Geck maachen a se als sai privaten Dreckstipp ugesinn, dee muss bestrooft ginn an zur Rechenschaft gezu ginn. Interessanterweis ass bei deem Artikel ënnert dem Punkt 3 virgesinn, dass all Inter-esséierten d'Applikatioun vun den adminis-trative Mesuren ufroe kann a sech domat och e Bild ka maachen, wéi et dobaussen ausgesäit.

An deem Zesummenhang - e leschte Punkt nach - ass et wichteg ze ënnersträichen, dass ons Kommissioun sech duerch en Amendement am Artikel 13 derfir agesat huet, dass den Ëmweltschutzassociatioun-en de Recours zu Décisiounen am Offall-recht zougestane gëtt. Dat ass ee weidere Schrëtt vun der Ëmsetzung vun der Aarhus-Konventioun.

A well der CSV-Fraktioun relativ vill un der Ëmwelt geleeën ass, un onser Gesondheet an onser Liewensqualitéit a mir ons voll besusst sinn, bréinge mir och den Accord hei vun onser Fraktioun mat eran, an ech soen da Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Här Ober-weis. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Calmes. Här Calmes, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Emile Calmes (DP).**- Här Presi-dent, Dir...

» **M. le Président.**- Här Gira, Dir kommt jo nach drun.

» **M. Emile Calmes (DP).**- ...Dammen an Dir Hären, erlaabt mer och dem Här Ne-gri Merci ze soe fir säin excellente schrëftle-chen a mëndleche Rapport. Dat erlaabt mer et och ganz kuerz ze sinn, fir lech ze soen, dass dëse Projet de loi virun engem Joer hei an der Chamber déposiert ginn ass. E Pro-jet de loi, wéi dat scho gesot ginn ass, wou-duerch eng Partie punktuell Verbesserun-gen um 94er Offallgesetz gemaach ginn.

Ech wëll hei net am Detail op alles agoen. Ech wëll just soen, dass déi Initiativ hei a sech opgrond vun engem Bréif, vum 29. Ja-nuar 2002 vun der Union des Entrepre-neurs, geholl ginn ass, déi dorop erausgelaf ass, fir bei der Regierung oder beim Ëm-weltministère eng Simplification administra-tive am Kontext vun der Offallgestioun ze kréien, wat jo och mat dësem Gesetz hei zum groussen Deel gemaach gëtt.

Ech wëll mer awer erlabe vläicht e puer all-gemeng lwwerleeungen ze maachen iwwert d'Offallproblematik. Ech ka mech erënneren am Intitulé vum 94er Gesetz ass ëmmer erëm Rieds gaang an och drop gehale ginn op dat Wuert Preventioun, obschonn d'Ge-setz net nëmmen iwwert d'Preventioun gehandelt huet, mä iwwert d'Preventioun an d'Gestioun vum Offall dora geschat gëtt. Mä et huet een d'Gefill wéi wann am Mo-ment éischter haaptsächlech Efforten am Beräich vun der Gestioun géife gemaach ginn.

Et kann ee sech dann och d'Fro stellen, ob een iwwerhaupt am Kontext vun dësem Ge-setz hei nach seriö vu Preventioun oder och vu Vermeidung vun Offall schwätze kann. Dat gëllt natierlech net eleng fir Lëtzebuerg. Ech wëll dat allgemeng hei soen.

Jiddferree vun eis weess jo awer, wat fir eng Onmass vu Quantitéite vun Offäll scho bei jiddferengem dohem ufalen. An och wann de Recyclage wichteg an noutwendeg ass,

mengen ech schätze mer de Stellerwäert vum Recyclage dach awer haut e bëssen héich an. D'Fro stellt sech, ob et mam Recy-clage net einfach dorëms geet, fir eis e gutt Gewëssen ze maachen. Dat gëllt fir jiddfer Einzelne vun eis, mä dat gëllt natierlech och fir déi, déi den Dreck produzéieren, an déi och net schrecklech vill Initiativen ënner-huelen an Efforté maachen, fir d'Produk-tioun vun Offall ze vermeiden.

Et gëtt jo schonn - an dat ass och elo hei ëmmer gesot ginn - félicitéiert, dass ëmmer méi recycléiert gëtt. Dat ass sécher gutt esou, mä dat huet wahrscheinlech och do-mat ze dinn, dass a sech den Offall ëmmer méi grouss gëtt an doduerch de Reflex bei de Leit, fir ze recycléieren, och ëmmer méi gëtt. Dat wëllt guer net soen, dass de gudde Wëllen nëmmen do ass, mä wann ëmmer méi Offäll ufalen an d'Leit hunn de Reflex méi ze recycléieren, da gëtt automatesch méi recycléiert. Dat wëllt awer net soen, dass alles an deem Beräich gewonnen ass. An hei kënnt de Consumerpower awer sécher spillen. Dat wëllt einfach soen, dass emol jiddferree bei sech kënnt ufänken, anstatt ze recycléieren, emol beim Akafen opzepas-sen, esou dass manner Offäll hei ufalen.

Et ass dann och interessant sech emol d'Statistiken iwwert den Offall hei zu Lëtze-buerg anzukucken. Ech ka mech erënne-ren, sengerzäit, viru 15 Joer, hu mer eis vill Gedanke gemaach a mer sinn och Engage-menter sengerzäit um europäeschen Ni-veau agang, fir den Taux vum Recyclage eropzesetzen. Dat huet fonctionnéiert, a mer hunn och eng Partie Chifferen hei, déi dat soen, vun deene selektive Récupé-ra-tiounen, déi hei gemaach ginn:

Beim Glas sinn 1984 3.000 Tonne recy-cléiert ginn, 20 Joer drop sinn dat 50.000 Tonnen; dat ass wesentlech méi. Beim Pa-beier waren et '84 12.000 Tonnen, haut sinn et der 86.000. Beim Plastik, deen an den 80er Joren nach guer net recycléiert ginn ass, sinn et der haut 20.000. Goufen 1985 ronn 50 Tonne problemateschen Offall vun der SuperDrecksKëscht récupéréiert, sinn dat haut méi wéi 2.000 Tonnen.

Aner Zuele sinn natierlech manner positiv: Goufen et am Joer 1984 80.700 Tonne pro-blematesch Offäll wéi Klinikoffäll, Uelech, oder wat och ëmmer hei zu Lëtzebuerg pro-duziert gëtt, esou ass dat haut dat Due-belt. Eleng d'Residus d'opérations d'élimi-nation de déchets sinn an zéng Joer vu 6.000 op 36.000 geklomm.

Den Import an den Export vun Offall dierf een och net aus den Ae verléieren. 1995 huet Lëtzebuerg 23 Tonnen Offall impor-téiert. Dës Zuel ass haut praktesch déisel-wecht; dat ass och verständlech. Während darselwechter Period ass den Export vun Offall vun 187.000 Tonnen op praktesch 500.000 eropgeklomm. Dovun ass gewëss eng Partie, déi valoriséiert gëtt, an dat sinn der ëmmerhin awer bal 400.000, wat we-sentlech ass. Déi aner Partie, ëmmerhin 100.000, mussen awer dann iergendwou am Ausland eliminiert ginn.

Mir wëssen och alleguer, aus eise Respon-sabilitéiten heraus, dass d'Gestioun vum Of-fall keng einfach Saach ass, zumools well bei jiddferengem Einzelne jo och den NIMBY-Effekt besonnesch ausgeprägt ass. Ech mengen, eleng wat d'Bauschuttdeponi-en ugeet wësse mer, dass net vill Gemenge bereet sinn esou eng Bauschuttdeponie, wat jo awer net dat Kompliziertst ass, bei sech ze huelen. Meng Gemeng hat sech zum Beispill 1991, op Appel vum deemole-gen Ëmweltminister Bodry, gemellt; et ass bis haut nach net an der Rei, mä de Projet schéngt awer unzafalen. Wa mer nach 20 Joer erëm hunn, da wäert dat awer schonn an der Rei sinn. Mir waarden dorop.

(Interruptions)

D'Bauschuttdeponie ass, mengen ech, e gutt Beispill. An et kann ee sech, ech men-gen et war an där leschter Period, un déi grouss Publicitéitscampagne vun den En-trepreneuren erënneren, wou op engem Pla-kat gewise ginn ass, dass de Bauschutt bis ënnert d'Rout Bréck opgestapelt gouf, an a sech der viregter Regierung de Virwurf ge-maach ginn ass, si géif sech net a genuch héijem Ausmooss ëm deen Dossier hei bekëmmern. Dobäi, mengen ech, ass sech an där viregter Regierung vum Ëm-weltminister awer ganz vill Méi gemaach ginn, fir no Léisungen ze sichen an och gemäss der Direktiv vu '75 e Programm vu regionalen Décharges opzebauen; wou jo och dee Prinzip an dësem Gesetz hei fest-geluecht gëtt.

Folkendeng, dat ka jo jiddferree sech an Erënnerung ruffen. An der Zwëschenzäit ass keng nei Deponie dobäikomm. Obwuel keng geschafe ginn ass, schéngt de Pro-blem vum Bauschutt awer haut kee méi ze sinn. Firwat dass dat esou ass, versteet sech

net, a wou dass en higeet, kann ee sech u sech net esou explizéieren.

Mä dovun ofgesi mengen ech ass dass hei e gutt Gesetz a bréngt eng Partie Verbesse-rungen zum 94er Offallgesetz. Meng Frak-tioun kann dann och den Accord zu dësem Gesetz hei ginn, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Calmes. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Gira. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Gréng wäerte sech bei dësem Projet enthalten, net well mer Problemer hu mat deenen éischter méi techneschen Upassung vum Offallgesetz; net well mer eng Präzisierung vun der Roll vun der Su-perDrecksKëscht net kloer genuch géinge fannen; net well mer net géinge begrëssen, dass endlech administrativ Sanktiounen am Offallberäich agefouert ginn; neen, well den Accès à la justice fir d'ONGen eis bei Wäi-tem net wäit genuch geet.

Dat wat hei geschitt ass den absolute Mini-mum an et ass absolut zaghaft. Esou zag-haft, dass souguer de Rapporteur vum Pro-jet sech selwer net getraut huet dësen Zou-gang zur Justiz bei dem Objet vum Gesetz a sengem schrëftleche Rapport ze ernim-men,...

(Interruption)

...beschränkt sech dësen Zougang dach just op Betriber, déi ënnert d'IPPC-Direktiv oder d'Impaktstudien-Direktiv falen.

A mir verstinn als Gréng, Här President, dëst Mësstraue vun dëser Majoritéit vis-à-vis vun der Zivilgesellschaft eigentlech net. Ech menge si huet bewisen, dass se ganz responsabel mat hirem Recht, viru Geriicht ze goen, ëmgaangen ass an och all Dag ëmgeet. An déi puer Fäll, déi se wierklech viru Geriicht gezunn huet, hate bal ëmmer Symbolcharakter an hu méi wéi eng Kéier zu enger ganz wichteger Jurisprudenz ge-fouert. Et gëtt also eiser Meenung no keng Ursach den Accès net op all Betriber, déi eng Offallgenehmegung kréien, auszedeh-nen.

Mä, Här President, dës Décisioun ënner-sträicht méi wéi jee déi paradox Haltung vun dëser Regierung an dësem ganze Beräich. An de Sonndesriede gëtt ëmmer erëm déi wichteg Roll vun der Zivilgesell-schaft ënnerstrach. Wann et awer drëms geet, dës Wichtigkeet an d'Realitéit ëmze-setzen, da gëtt de Schwanz virun de Wirt-schaftslobbyiste bäigezunn. An den Hou-masse gëtt d'Sträitkultur héichgehuewen. Wann et awer drëms geet, d'ONGe viru Ge-riicht streide loossen ze goen, da kréie se nëmme minimal Méiglechkeeten zougesta-nen dat maachen ze kënnen.

Also, weider eng vu villen Onkohärenzen an Inkongruenze vun dëser Regierung am Beräich Ëmweltpolitik. Verlaangt net vun eis, Här President, dass mer dës Onkohärenzen an Inkongruenze matdroen.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Gira. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Mehlen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Merci, Här President. Ech wëll och fir unzefänken dem Rapporteur Merci soen. En huet eis am Detail explizéiert ëm wat et hei geet. Et han-delt sech ëm net méi an net manner wéi Ergänzungen an Adaptatiounen zum Offal-gesetz vun 1994, ëm d'Erfahrungen, déi ge-sammelt si ginn an deene mer eis wëllen upassen.

Ech wëll soen, dass déi aktuell Situatioun eiser Meenung no wäit dovun ewech ass fir satisfaisant ze sinn, och nodeem dass mer dat Gesetz hei gestëmmt hunn. Wann ee sech d'Prinzipie vum Offallgesetz vun 1994 an Erënnerung rëft - a meng Virriedner hunn dat jo och schonn deelweis gemaach -, da sti mer ëmmer nach engersäits bei der Ver-meidung, wat awer schwéier ass; bei der Prioritéit fir de Recyclage, wat manner schwéier ass, wat zwar vill Opwand be-déngt, mä wat op där anerer Säit awer och fir eis Economie net eng Belaaschtung, mä éier eng Chance bedeit.

Menger Meenung no - ech wunne jo an en-ger Géigend wou et eng grouss Deponie gëtt - gëtt de Moment ëmmer nach vill ze vill op d'Deponie gefouert a vill ze wéineg op d'Méiglechkeete vum Recyclage zrëckge-graff.

Ech denke virun allem - ech kommen ëm-mer erëm drop zrëck -, dass d'organesch

Fraktioun an eisem Hausmüll, déi eng grouss Valeur huet - et si Kolleegen heiban-nen, déi e Sonndeg den Owend en excel-lenten Exposé bei de Jongbaueren a Jongwënzer héieren hunn iwwert d'Méig-lechkeeten, déi mer hu fir eis organesch Matière, net nëmmen déi, déi op eise Felder an an de Bëscher produzéiert gëtt, mä déi, déi mer ewechgeheien, ze valoriséieren.

Dat bedéngt op där enger Säit Investisse-menter, mä wann een dat laangfristeg kuckt, da géing dat eis ganz sécher an eiser ee-gener Energieversuergung an am Erfolsetze vun eiser Energieofhängegkeet vun Impor-ter dach awer e gudde Krack weider viru-bréngen an et wär am Intérêt vun der Natur, am Sënn vu Recyclage a vu Kreeslaubbewirt-schaftung.

Mir sinn an deem Punkt do bis haut nach net richtig virukomm. Et si Kompostéierungs-anlagen opgeriicht ginn, déi eigentlech haut guer net méi an dat Konzept passen, well se näischt bréngen. Ausser dass déi Matière do e bësse verrotte gelooss gëtt, mä energe-tesch brénge se näischt a si produzéiere massiv CO<sub>2</sub>. Ech weess net, ob mer deen am Kader vu Kyoto net iergendwann och nach eng Kéier ugerechent kréien.

Dat anert ass, dass et eng ganz Partie Appa-rate gëtt, déi mer gebrauchen an dann ewechgeheien oder och zrëckginn. Do komme jo Gott sei Dank elo Direktiven, déi drop ofzilen, dass déi esou solle gebaut ginn, dass se herno méiglechst lücht erëm kënnen an hir Bestanddeeler zerluecht ginn an d'Matière première esou wäit wéi méig-lech erëm eng Kéier soll gebraucht ginn. Ech menge mir mussen eis virun Aen halen, dass eng ganz Partie Matières premières och net onendlech sinn, grad wéi d'Energie, an dass mer och eng Verpflichtung hu vis-à-vis vun deene Generatiounen, déi no eis kommen, fir déi Matièren, déi recyclabel sinn, erëmzegewannen a se erëm an de Produktionsprozess eranzebréngen.

Ech weisen drop hin, dass haut schonn Au-tosfirmen drop higinn, hir Autoen esou ze konstruéieren, dass, wa se zrëckkommen, quasi - vläicht net zu 100%, awer zu engem ganz héije Prozentsatz - déi Ausgangsstof-fen erëm eng Kéier kënnen recycléiert ginn. Datselwecht betrëfft, a muss an Zukunft be-treffen, dee ganzen Elektroschrott, dee mer a risege Masse produzéieren, wou och wäertvoll Matièren dra verschafft sinn.

Leider héiert een zum Beispill vun den Ad-ministratiounen, déi sech ëm d'Stroosse bekëmmern, dass camionsweis däers Ge-schier all Woch agesammelt gëtt, wat d'Leit einfach laanscht d'Stroossen deponéieren, well se et dann op eng bëlleg Aart a Weis lassginn.

Ech mengen et soll ee sech och iwwer-leeën, ob een net besonnesch op esou Ge-räiter, déi e bësse méi grouss sinn, eng Tax soll dropleeë wa se kaaft ginn a wou een dat Geld soll erëmkreie wann een et dann erëm eng Kéier zrëckgëtt, wann een et net méi brauch. Dat géing op jidde Fall dozou féieren, dass een et net méi géing an de Stroossegrief erëmfannen.

Här President, ech menge meng Zäit geet esou lues zu Enn.

Ech wëll nach just soen, wat d'Déchets inertes ubelaangt, dass mer eis do mutt-wëlles d'Liewe schwéier gemaach hunn an der Vergaangenheet. Dass et eigentlech géint d'Ökologie ass wann ee seet, dass dat an engem Land wéi Lëtzebuerg praktesch alles muss op enger Plaz zesummegefuert ginn. Wann een den Energieopwand re-chent, da kann dat net méi ökologesch sinn.

Et ass och net wirtschaftlech. Mir stinn a Kompetitioun zu eisen Nopeschlänner. Mäi Virriedner huet gemengt, déi Problemer hätte sech an Näischt opgeléist; mä wann een awer héiert trotz allem, wéi déi Camion-en, wéi vill Zäit do verluer geet, well se och dacks an enger File stinn ze waarden, fir iwwerhaupt bäizekommen, da muss ee sech d'Fro stellen - ech gesi schonn an, dass een-zel Gemenge soen: „Mir sinn net drun inter-esséiert, fir esou eng Deponie ze huelen“, mä et kënnt een awer, mat e bësse geson-dem Mënscheverstand, ganz vill Déchets inertes, déi net schiedlech sinn, awer ganz dezentral am Land deponéieren.

Et hätt een och eng ganz Partie kënnen, mengen ech och, als Lärmschutzwall laanscht eis Autobunnen abauen. Do hätte se kee Mënsch gestéiert. Au contraire, si hätten nëmme Guddes gemaach.

Dat gesot, Här President, stëmme mir dat Gesetz hei trotzdem. An der Erwaardung, dass trotzdem nach weider Verbesserun-gen an Zukunft wäerten ustoen.

Ech soen lech Merci.

» **Une voix.** - Très bien!



» **M. le Président.**- Merci, Här Mehlen. Eis Riednerlëscht ass domadder erschöpft an ech géif dann, wann d'Regierung wëllt, der Regierung d'Wuert ginn. Här Lux!

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen ech kënn ganz kuerz si fir engersäits Merci ze soe fir déi Aarbecht, déi an der Kommissioun gemaach ginn ass, déi zweemol Trains d'amendement, déi mer gemaach hunn, fir relativ schnell dës sécherlech zu engem groussen Deel technesch Ännerungen, déi vill mat den Experienzen ze dinn hunn, déi eis Ëmweltverwaltung an anerer an deene leschte Joren op deem Gebitt gemaach hunn.

Ech wëll och soen zu där éischter méi negativer Stëmm, déi ech héieren hu vum honorabele Kolleeg Camille Gira, déi vun der Fro, déi hir Abstentioun begrënnt. An der Fro vum Accès à la justice wëll ech nach eng Kéier soen, wat an der Kommissioun mengen ech scho gesot ginn ass, dass d'Regierung zrëckbehalen huet an där Fro, sech an allen eenzelne Gesetzer eent zu eent un d'Transpositioun vun der Aarhus-Konventioun ze halen.

Déi Aarhus-Konventioun gesäit vir, dass den Accès à la justice an den Intérêt direct vun den ONGe sech bezitt op déi sougenannten IPCC-Betribber, wat also méi grouss Betribber sinn, respektiv déi, déi an d'Études d'impact drafalen. Ech mengen dat hu mer hei gemaach. Et ass e Fortschrétt par rapport zu där Législatioun, déi mer am Moment hunn. Ech mengen, dass een dat ganz daitlech muss soen.

Ech denken och, dass iwwert dat, wat mer elo hei gemaach hunn, déi Ännerungen, sécherlech eng Rei vu Froen an deenen nächste Méint, vläicht och Woche muss gekläert ginn. Et ass hei vun de Bauschut-deponië geschwat ginn.

Effektiv si mer relativ no bei konkreten Décisiounen, ënner anerem bei där Deponie Diddeleng-Beetebuerg, déi wäit fortgeschritt ass a wou ech de Gemenge wëll Merci soe fir déi konstruktiv Aart a Weis hei virunzekommen. Datselwecht gëllt fir Monnerech, wou de Gemengerot d'lescht Woch och seng prinzipiell Décisioun geholl huet an d'Richtung vun der Bauschutdeponie. Och dat hëlleft eis weider, fir nei Potenzialer op deem Gebitt ze kréien.

Ech wëllt och zu där Fro soen, déi elo nach zum Schluss vum Här Mehlen ugedeit ginn ass, déi vun der energetescher Gewënnung, déi mer kënne maachen am Zesammenhang mat der Müllentsuergung, datt d'Regierung de leschte Freideg och de Projet ugehall huet vun der Vergrësserung vum Minettkompost, awer gläichzäiteg och mat dem Projet vun der Injéctioun vum Gas, deen do produzéiert gëtt, Biogas an de Réseau ze maachen. Ech mengen, dass dat och e Projet ass, deen an déi richteg Richtung geet fir ze favoriséiere wat iwwregens an der Revisioun vun der europäescher Déchetsdirektiv wäert kommen, dass do net nëmmen d'Ressourcëschounung an de Mëttelpunkt gestallt gëtt, mä och gekuckt gëtt fir déi energetesch Fro ëmmer méi mat anzebezéien.

Ech menge mir hunn um Niveau vun der Ëmsetzung vun den europäeschen Direktiven déi vun dem Elektroschrott oder vun der Adaptatioun vun den Emballagen hannerun eis. Mir hunn eis elo ze attackéieren un d'Ëmsetzung vun där vun de Batterien, wou mer och drun denke fir enk mat eenzelnen Initiativen am Privatsecteur zesammenzeschaffen, an da kënnt um europäesche Plang, wéi gesot, déi gesamt Revisioun vun der Déchetsdirektiv.

Loosst mech schlussendlech och nach soen, dass mer dës Mount ugefaangen hunn och richteg eranzasprangen an dat wat d'Revisioun vun dem nationalen Déchetsplang ubelaangt, deen obligatoresch muss gemaach ginn am Joer 2006 respektiv 2007, a wou et drëm geet, sech net nëmmen eng Rei vu Froen ze stellen, wat gudd gelaf ass a méi schlecht gelaf ass an deene leschte Joren, do wou mer evident Réussiten hunn, do wou awer och besonnesch an der Ëmsetzung vun eenzelnen Dispositiounen vum Gesetz eenzel Syndikater hannerdra sinn, déi dat nach net esou maachen, dat net alles maachen, net alles erauskëddele wat vu Méiglechkeeten do dra sinn. An ech mengen, dass och déi Ëmsetzung eis wäert hëllef fir op enger Rei Gebidder vläicht eis och méi contraignant Ziler an Zukunft ze setzen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Jiddefalls sinn ech frou, dass mer déi heite méi technesch Ännerunge relativ schnell konnte maachen an domadder virun allem d'Ëmweltverwaltung an d'Syndikater e Moyen kréien, fir méi einfach op deem Gebitt ze schaffen.

Merci.

» **M. le Président.**- Merci, Här Minister. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen elo zum Vote vum Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5508 ass ugehall mat 53 Jo-Stëmmen, bei 7 Abstentiounen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Nancy Arendt), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);*

*M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

*Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen elo zum Projet de loi 5582, eng Ofännerung vun der Konventioun vun Aarhus. Bis elo sinn ageschriwwen: den Här Oberweis, den Här Calmes, den Här Gira an den Här Mehlen. D'Wuert huet den Här Roger Negri als Rapporteur.

**11. 5582 - Projet de loi portant approbation de l'Amendement à la Convention, faite à Aarhus (Danemark), le 25 juin 1998, sur l'accès à l'information, la participation du public au processus décisionnel et l'accès à la justice en matière d'environnement, tel qu'il a été adopté à la deuxième réunion des Parties à la Convention, tenue à Almaty (Kazakhstan) du 25 au 27 mai 2005**

**Rapport de la Commission de l'Environnement**

» **M. Roger Negri (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Här President, Dir Här Ministeren, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5582 betrëfft den Amendement vun der sougenannter Aarhus-Konventioun. Dësen Amendement ass zu Almaty vun de Signatairë vun der Aarhus-Konventioun ënnerschriwwen ginn am Kader vun enger Réunioun, déi vum 25. bis de 27. Mee 2005 stattfonnt huet.

De Projet de loi 5582 gouf den 2. Juni 2006 an der Chamber deponéiert. De Statsrot huet säin Avis de 4. Juli 2006 ofginn. Den 20. September 2006 sinn ech als Rapporteur vun dësem Projet de loi designéiert ginn. Mäi Rapport gouf de 4. Oktober 2006 an der Ëmweltkommissioun ugehall. Ech erënneren drun, dass Lëtzebuerg d'Aarhus-Konventioun de 25. Juni 1998 ënnerschriwwen huet an d'Chamber der Ratifizéierung den 13. Juli 2005 zougestëmmt huet.

D'Aarhus-Konventioun berout op dräi Pilieren. Heira verflachte sech d'Signatairen:

éischstens, hire Bierger Zougang zu engem groussen Deel vun den Ëmweltinformatiounen ze ginn, déi déi verschidde Verwaltungen hunn;

zweetens, d'Bierger gi vun Ufank un an d'Décisiounsprozesser mat agebonne wann et ëm Ëmweltfroen geet;

drëttens, d'Konventioun enthält e Volet iwwert den Accès zur Justiz, deen et de Bierger erméiglecht viru Geriicht ze goen, wann déi Responsabel den Zougang zur Informatioun oder d'Recht op Participatioun blockéieren.

Den Amendement, iwwert dee mir haut ofstëmme mam Projet de loi 5582, betrëfft d'Uwendung vun der Konventioun vun Aarhus op d'Verbreedung vu gentechnesch verännerten Organismen, «organismes génétiquement modifiés» oder ofgekierzt «OGM».

Regelen iwwert d'Verbreedung an den Handel mat OGMe gëtt et op verschiddenen Niveaue. D'Biodiversitéitskonventioun, déi de 5. Juni 1992 zu Rio de Janeiro ugehall ginn ass, baséiert op dem Protokoll vu Cartagena iwwert den Ëmgang mat de Risike vun der Biotechnologie, déi den 29. Januar 2000 zu Montréal ënnerschriwwen gouf.

D'Zil vum Protokoll vu Montréal gëtt folgendermoosse festgehalen: «Conformément à l'approche de précaution consacrée par le Principe 15 de la Déclaration de Rio sur l'environnement et le développement, l'objectif du présent Protocole est de contribuer à assurer un degré adéquat de protection pour le transfert, la manipulation et l'utilisation sans danger des organismes vivants modifiés résultant de la biotechnologie moderne qui peuvent avoir des effets défavorables sur la conservation et l'utilisation durable de la diversité biologique, compte tenu également des risques pour la santé humaine, en mettant plus précisément l'accent sur les mouvements transfrontières.»

Den Ëmgang also mat gentechnesch verännerten Organismen ass e ganz komplex Thema. Dofir gëtt et och um Niveau vun der Europäescher Unioun e puer Direktiven a Reglementer, déi sech mat dësem Thema beschäftegen. Esou regelt d'Direktiv 2001/18/CE d'Fräisetze vun OGMen onofhängeg dovun, ob d'Zil e wëssenschaftlech oder e kommerziell ass. Verschidden EU-Reglementer setzen de Kader ënner anerem fir d'Verbreedung vun OGMen iwwert d'Grenzen eraus: fir d'OGMen an de Liewensmëttel an am Déierefudder, fir d'Traçabilitéit an d'Etikettéierung vu Produkter, déi aus OGMe bestinn oder OGMen enthalten.

Doriwwer eraus huet sech d'EU och verpflichtet, d'Aarhus-Konventioun ëmzesetzen. Zwou Direktive garantéieren de Bierger den Accès zur Informatioun an d'Recht op Participatioun an Ëmweltfroen. Eng Direktiv iwwert den Accès zur Justiz gëtt nach ausgeschafft. Well déi bestehend Direktive schonn en héije Präzisiounsgrad hunn, wäert d'Ratifizéierung vum Amendement vun der Aarhus-Konventioun keng Ännerung vum EU-Recht mat sech bréngen.

Et handelt sech bei deem Amendement nämlech net ëm eng grondsätzlech Verännerung, mä virun allem ëm eng Präzisioun. De Statsrot war a sengem Avis souguer der Meenung, den Amendement géif iwwerhaupt keng Neierung mat sech bréngen.

Där Meenung ass d'Ëmweltkommissioun awer net gewiescht. Au contraire. Den ursprüngelechen Text vun der Aarhus-Konventioun léisst deenen eenzelne Länner en immens grouse Spillraum fir ze decidéieren, ob an a wat fir engem Ëmfang si d'Öffentlechkeet informéieren, wann et ëm d'Disséminatioun vun OGMe geet.

Den Artikel 6 vun der Konventioun regelt d'Participatioun vum Public. Hei ginn d'Prinzipie vun de Prozedure festgehal, déi garantéiere sollen, dass d'Bierger fréizäiteg an den Décisiounsprozess mat agebonne ginn. Um Enn vum Artikel 6 steet en Ofsaz, deen d'OGMe betrëfft. An dësem Paragraph 11 steet Folgendes: «Chaque Partie applique, dans le cadre de son droit interne, dans la mesure où cela est possible et approprié, des dispositions du présent article lorsqu'il s'agit de décider s'il y a lieu d'autoriser la dissémination volontaire d'organismes génétiquement modifiés dans l'environnement.»

Wann natierlech all Land d'Wiel huet selwer festzeleeën, ob et méiglech ass an ugemoooss ass fir de Public un enger Entscheidung iwwert d'Verbreedung vun OGMen deelhuelen ze loossen, muss een domat rechnen, dass d'Aarhus-Konventioun an dësem Punkt ganz oneenheetlech ëmgesat gëtt.

Den Zweck vum Amendement, iwwert dee mir haut ofstëmme, ass et dofir, dësen Interpretatiounsspillraum anzëschränken. D'Signatairë verflachte sech, d'Öffentlechkeet ëmmer ze informéieren an ze consultéieren, wann et ëm d'Verbreedung vun OGMen oder den Handel domadder geet.

De Paragraph 11 vum Artikel 6 gëtt ersat. Fir d'Décisiounen, déi d'OGMe betreffen, gëllt an Zukunft net méi den Artikel 6, mä en neien Artikel 6bis an eng nei Annex I bis, déi d'Modalitéite festleet. De Paragraph 11 vum Artikel 6 gëtt deemno duerch folgenden Text

ersat: «Sans préjudice des dispositions du paragraphe 5 de l'article 3, les dispositions du présent article ne s'appliquent pas aux décisions autorisant ou non la dissémination volontaire dans l'environnement et la mise sur le marché d'organismes génétiquement modifiés.»

Hannert den Artikel 6 kënn dann en neien Artikel 6bis, deen do heescht, éischstens: «Conformément aux modalités définies à l'annexe I bis, chaque Partie assure une information et une participation du public précoces et effectives avant de prendre des décisions autorisant ou non la dissémination volontaire dans l'environnement et la mise sur le marché d'organismes génétiquement modifiés.»

**(Coups de cloche de la Présidence)**

An zweetens: «Les prescriptions établies par les Parties conformément aux dispositions du paragraphe 1 du présent article devraient être complémentaires et s'appliquer en synergie avec les dispositions du cadre national relatif à la prévention des risques biotechnologiques, en concordant avec les objectifs du Protocole de Carthagène sur la prévention des risques biotechnologiques.»

Déi Annex also - I bis - gëtt detailléiert Richtlinne fir déi Prozeduren, déi et dem Public erméigleche sollen, sech mat Zäit an ëmfaassend ze informéieren a sech un den Décisiounen ze bedeelegen. An dëser Annex gëtt zum Beispill festgehal wat fir eng Informatiounen net kënnen als confidentiel agestuuft ginn, oder a wat fir enge d'Autoritéiten d'Informationsprozedur net musen uwenden.

Här President, d'Prézisiounen, déi den Artikel 6bis an d'Annex I bis bréngen, wäerten dofir suergen, dass d'Aarhus-Konventioun a Relatioun mat den OGMe méi eenheetlech ëmgesat ka ginn, an dass dem Public nëmmen dann Informatiounen virenthale ginn, wann et e ganz trëftege Grond dofir gëtt. Ënner wat fir enge Bedingungen dat de Fall ka sinn, gëtt an der Annex I bis genau festgeluecht. Och wann et ëm dee sensibelen Thema vun den OGMe geet, soll d'Transparenz Prioritéit hunn. Dëst entsprécht dem Geescht vun der Aarhus-Konventioun, an ech géing lech bieden, den Article unique an domat d'Ratifizéierung vum Amendement vun Aarhus unzehuelen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a géif mech herno nach eng Kéier am Numm vu menger Fraktioun mellen.

Villmools Merci.

» **Une voix.**- Très bien.

» **M. le Président.**- Merci, Här Negri. Als éischte Riedner huet den honorablen Här Marcel Oberweis d'Wuert.

**Discussion générale**

» **M. Marcel Oberweis (CSV).**- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Ministeren, wéi virdru schonn eng Kéier, datselwecht nach eng Kéier: e Merci dem Roger Negri, dem Rapporteur, fir de Rapport - mëndlecher a schrëftlecher Aart.

Mir hunn et hei mat engem Amendement ze di vun der Konventioun vun Aarhus, a ganz speziell mat de Konkusiounen vun der Konferenz zu Almaty a Kasachstan. An dat beweist jo eleng scho quasi dee globalen Impakt vun den OGMen.

Ech wëll just rappéléieren, well et net genuch gemaach gëtt, déi dräi Pilierë vun der Konventioun:

Deen éischten ass e wäertvollen; en erlaabt dem Bierger all Informatioun ze kréien, déi hie brauch iwwer d'Ëmwelt.

Deen zweeten ënnerstëtzt dann de Public, dee sech an de Prozess décisionnel wëllt erabrëngen, fir den Ëmweltimpakt ze bemoossen.

An deen drëten - et ass hei ugeschwat ginn - ass dee vum Accès à la justice; dee muss dann nach gekläert ginn.

Dee virleienden Amendement muss een awer och am Kader vun der europäescher Charta fir Ëmwelt a Gesondheet vum 8. Dezember 1989 gesinn. Deemooss ass festgehal ginn, dass de Schutz vun der Ëmwelt an doriwwer eraus och de Schutz vun dem Mënsch a senger Gesondheet ee Ganz